# *Love Nature!*
# *Une campagne de sensibilisation pour la nature et le mouvement*

Avec cette initiative, les habitants des communes de Pétange et de Differdange pourront :

- découvrir nos magnifiques forêts et sentiers de promenade ;
- adopter des actions plus durables ;
- réapprendre à respecter et apprécier la nature qui nous entoure.

**CONCOURS**

Chacun sera invité à bouger davantage et à profiter de la nature en s'installant sur les bancs décorés prévus à cet effet. Les enfants des maisons relais des deux communes ont réalisé des panneaux / bancs / chaises / nids d'oiseaux qui vont être installés à quatre endroits plus ou moins cachés sur le territoire de la Commune de Pétange et à quatre endroits semblables sur le territoire de la Ville de Differdange.

Petits et grands sont encouragés à explorer ces différents points et sites dans nos forêts et sur nos sentiers de promenade et à prendre un selfie où on voit également le banc ainsi que le panneau. Ces photos pourront ensuite être envoyées jusqu'au 11 février 2025 à midi (par courriel à concours@petange.lu. Vous pouvez également publier ces photos sur Instagram avec le #DlovenatureP.

Le département de la culture et des communications est responsable de la réception des photographies, de la vérification de la présence des huit places sur les clichés et de la sauvegarde des images et des informations des participants (nom, numéro de téléphone, adresse courriel). Il s'agit d'un concours, où un tirage au sort désignera dix gagnants d'un bon de 50 € à dépenser dans l'un des restaurants figurant sur une liste des établissements participant à ce concours.

14 février 2025 à 18 h : remise des chèques aux gagnants du concours au vieux moulin de Lamadelaine (Rollenger Millen). Le 14 février étant la journée des amoureux, nous avons choisi un coeur comme symbole pour mettre l'accent sur l'amour de notre environnement et les relations interpersonnelles.)

**Initiateur du projet : Arendt Patrick**

Ville de Differdange

Déifferdeng Péiteng
Love Nature

Pétange
MOTIVATION COMMUNE

# Love Nature!
# Eng nei Campagne fir Natur a Beweegung

Mat dëser Initiativ kënnen d'Awunner aus de Gemengen Déifferdeng a Péiteng:

- eis wonnerschéi Bëscher a Spadséierweeër entdecken
- am Alldag méi nohalteg ginn
- erëm léieren, d'Natur ronderëm eis ze respektéieren an ze schätzen

**CONCOURS**

Dëse Concours fuerdert jiddereen dozou op, sech méi ze beweegen an op den extra dofir virgesinnen a dekoréierte Bänken d'Natur ze genéissen. D'Kanner aus de Maison-relaise vu béide Gemengen hu Schëlder, Bänken, Still a Vullennäschter gebaut, déi op véier méi oder manner verstoppte Plazen um Gebitt vun der Gemeng Péiteng an op véier änleche Plazen an der Gemeng Déifferdeng installéiert ginn.

Mir luede Grouss a Kleng an, déi verschidde Plazen an eise Bëscher an op eise Spadséierweeër ze entdecken an op all Plaz e Selfie mat de jeeweilege Bänken a Pannoen ze maachen. D'Fotoe kënnt Dir bis den 11. Februar 2025 (12 Auer) op concours@petange.lu schécken. Dir kënnt dës Fotoen zousätzlech och mat #DlovenatureP op Instagram posten.

De Service culture et communications iwwerpréift d'Fotoen, fir ze kucken, ob all aacht Plaze fotograféiert goufen a späichert d'Kontaktdate vun de Participanten. Zum Schluss ginn aus allen Asendungen zéng Gewënner ausgeloust, déi jeeweils ee Bong vu 50 Euro kréien, deen an engem vun den deelhuelende Restauranten an de Gemengen Déifferdeng a Péiteng ageléist ka ginn.

De 14. Februar 2025 um 18 Auer ass d'Scheckiwwerreechung un d'Gewënner an der Rollenger Millen. Well de 14. Februar Vältesdag ass, hu mir Häerzer fir d'Pannoen erausgesicht.

**Responsabel fir de Projet: Patrick Arendt**

Ville de Differdange

Love Nature

pétange
MOTIVATION COMMUNE